Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren e bësselche meng politesch Iwwerleeungen heizou. Ech mengen, dass mer wierklech haut e wichtege Schrëtt maachen, net nëmme fir Europa, mä och fir de Standuert Lëtzebuerg. Ech hoffen, dass dëse Projet gradesou vill Stëmme kritt wéi dee virdrun.

(Interruption)

Net méi, dat ass bal net dran, mä op alle Fall keng manner. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun dësem Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5435 ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5501 iwwert de Fonds pour l'Emploi. D'Riedezäit ass nom Modell eent festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Glesener, den Här Bettendorf, den Här Castegnaro, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes!

6. 5501 - Projet de loi modifiant

1. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

2. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;

3. la loi modifiée du 23 juillet 1993 portant diverses mesures en faveur de l'emploi

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, dee virläit, deen huet als Zil, d'Beschäftegungsmoossnamen op d'Evolutioun um Aarbechtsmaart unzepassen an ze adaptéieren. Et geet drëms, d'Chômeuren esou schnell wéi méiglech erëm an den Aarbechtsmaart ze integréieren an ze verhënneren, datt d'Zuel vun de Laangzäitaarbechtslose wéi och déi vun den eelere Chômeure weider klëmmt.

Et gëtt d'ailleurs en Zesummenhang tëschent dem Alter an dem Chômage de longue durée. Eeler Leit, déi entlooss ginn, hunn einfach gréisser Problemer fir erëm eng Aarbecht ze fannen a se ze behalen. Et ass duerfir wichteg fir ëmmer nees op en adaptéierten Dispositif vu Moossname kënnen zréckzegräifen.

De Projet de loi, deen den 13. Oktober vum leschte Joer an der Chamber deponéiert gouf, besteet aus dräi Voleten, op déi ech hei wëll agoen.

De virleienden Text gesäit als Éischt d'Ännerung vun e puer Punkte vum Artikel 2, Paragraph 1 vum Gesetz vum 30. Juni 1976 iwwert de Fonds de l'Emploi vir. Et geet drëms, der Administration de l'Emploi d'Méiglechkeet ze ginn, op Experten a Beroder entweder aus der Privatwirtschaft oder dem Patronat zäitbefrist zréckgräifen ze kënnen. De Fonds de l'Emploi iwwerhëlt d'Käschten, déi doraus entstinn. Domadder ass u sech d'Fro vun der Finanzéierung vum Asaz vun Experten ee fir alle Mol geregelt. D'Experte sollen dem Arbeitsamt hëllefen, den Aarbechtsmaart ze prospektéieren op der Sich no eventuellen Aarbechtsplazen, déi fräi sinn, a si sollen och der Administratioun hëllefen, d'Demandeurs d'emploi fir déi Aarbechtsplazen ze selektionéieren. Dës Moossnam verstäerkt d'Aktioune vun der Administration de l'Emploi, déi doduerch an Zukunft ganz sécher nach méi effikass wäert ginn.

De Statsrot huet a sengem Avis fir méi kloer Modalitéiten ënner anerem beim Recrutement vun den Experte plädéiert. De virleiende Gesetzestext garantéiert hei e gewëssene Spillraum, deen noutwendeg ass, eiser Meenung no. De Privatsecteur charakteriséiert sech duerch eng gewësse Flexibilitéit. Et ass net ubruecht, ze strikt Regelen an dësem Kontext anzeféieren.

Et kann een hei nach erwähnen, datt elo schonn zéng Experte mat der Administration de l'Emploi zesummeschaffen, an datt déi Zesummenaarbecht ganz gutt fonctionnéiert. D'Kommissioun begréisst virun allem awer och d'Tatsaach, datt een Expert sech méi spezifesch ëm d'Astellung vun de behënnerten Aarbechter këmmert. No den Informatiounen, déi d'Kommissioun vum Aarbechtsminister krut, soll d'Zuel souwuel vun den Experte wéi awer och vun de Placeuren eropgoen, wat ech voll a ganz ënnerstëtzen a begréissen.

De virleiende Gesetzesprojet gesäit awer als zweete Punkt och vir, den Artikel 4, Alinea 2 vum Gesetz vum 24. Dezember 1996 ofzeänneren. Ech erënneren lech drun, datt dëst Gesetz steierlech Virdeeler fir déi Betriber virgesäit, déi en Aarbechtslose bei sech ophuelen. Hei geet et drëms, d'Konditiounen an d'Zoudeelungsmodalitéite vun de verschiddene Beschäftegungsmoossnamen, déi et gëtt, ze harmoniséieren.

D'Employeuren, déi en Aarbechtslosen, deen zënter méi wéi dräi Méint bei der Administration de l'Emploi agedroen ass, astellen, kënnen a sech während 36 Méint vun enger Steierbonifikatioun vun 10%, gerechent op de Bruttogehalt vun där betreffender Persoun, profitéieren.

Fir de Moment ass eng vun de Bedéngungen, fir kënne vun esou enger Méiglechkeet ze profitéieren, d'Ofschléisse vun engem onbefristeten Aarbechtsvertrag oder vun engem op 24 Méint befristete Kontrakt. Genee dës Bedéngung soll ofgeännert ginn. De virleiende Gesetzesprojet reduzéiert d'minimal Dauer vun engem befristeten Aarbechtsvertrag vu 24 op 18 Méint.

Den drëtte Volet betrëfft d'Moossnamen, déi zum Zil hunn, eeleren Aarbechter oder Laangzäitaarbechtsloser ze hëllefen eng Aarbecht ze fannen. Wéi ech scho virdru gesot hunn, leet de virleienden Text e besonneschen Akzent op eeler Chômeuren oder Chômeurs de longue durée. Den Dispositif vun dëse Moossnamen, fir méi prezis ze sinn, verschidden Dispositioune vum Gesetz vum 23. Juli 1993, sollen nogebessert ginn.

Dëst Gesetz gesäit ënner anerem de Remboursement vun de Sozialversécherungsbeiträg während enger gewëssener Dauer vir, wann den Employeur en eelere Chômeur astellt. Den Text, dee mir haut zur Ofstëmmung virleien hunn, proposéiert aus harmonisatoresche Grënn, fir d'minimal Dauer vum befristeten Aarbechtskontrakt, deen den Employeur mam Chômeur ofschléisst, vu 24 Méint op 18 Méint erofzesetzen. Wat déi minimal Aarbechtsdauer pro Woch ugeet, esou soll déi nom virleienden Text ebenfalls reduzéiert ginn, an zwar op 16 Stonnen. Haut hu mer 20 Stonnen.

Fir kënne vum Remboursement vun de Cotisatiounen ze profitéieren, muss den Employeur seng Demande an engem gewëssenen Délai, vun der Astellung vum Aarbechter u gekuckt, eraschécken. De virleienden Text gesäit vir, dësen Délai ëm véier Méint ze verlängeren, an zwar vun zwee op sechs Méint.

Derbäi kënnt, datt déi finanziell Ënnerstëtzung vun dräi Facteuren ofhänkt: dem Alter vum Chômeur, der Dauer vu senger Inscriptioun bei der Administration de l'Emploi an der Dauer vum Remboursement. Den Text gesäit vir, d'Alterskategorien an d'Délaie fir d'Inscriptioun wéi och d'Dauer vum Remboursement ëmzeänneren. D'Zil ass et, datt esou vill wéi méiglech Leit vun dëse Moossname solle profitéieren.

Natierlech fält de Remboursement bei den eeleren Aarbechtslose vill méi generéis aus. Dëst ass awer net verwonnerlech, wann ee sech d'Zil vun dësem Gesetzesprojet virun Aen hält. Fir d'Chômeuren, déi iwwer 45 Joer al sinn, gesäit den Text eng Réckerstattung vun de Cotisatioune bis zur Pensioun vir. Fir de Recrutement vu Chômeuren, déi tëschent 40 a 44 Joer al sinn, gesäit de Gesetzesprojet e Remboursement bis zu dräi Joer respektiv bis zu zwee Joer maximal, wann de Chômeur tëschent 30 an 39 Joer al ass.

Fir datt d'Employeure kënne vun dëse Moossname profitéieren, muss den Aarbechtslose bei der ADEM ageschriwwe sinn, an dat mindestens ee Mount, wann de Chômeur wéinstens 45 Joer al ass. D'Umeldung bei der ADEM ass dräi Méint fir d'Kategorie vun de 40 bis 44 Joer ale Chômeuren an zwielef Méint fir d'Kategorie vun den Aarbechtslosen tëschent 30 an 39 Joer.

Den initiale Gesetzesprojet hat awer och e véierte Volet. Den Text hat a senger originaler Versioun virgesinn, d'Moossnamen, déi zum Zil hunn, d'Beschäftegung vun deene méi jonken Aarbechtslosen ze förderen, an dësem Text nozebesseren. Konkret sollt d'Zuel vun de bestehende Moossname vun dräi op zwee reduzéiert ginn.

De Contrat d'auxiliaire temporaire am öffentleche Secteur gëtt an dësem véierte Volet duerch de Contrat d'appui-emploi ersat, an de Contrat d'auxiliaire temporaire wéi och de Stage d'insertion am Privatsecteur duerch de Contrat d'initiation à l'emploi. Laut Informatioun vum CEPS huet de CAT am Privatsecteur méi Erfolleg bruecht wéi deen am öffentleche Secteur. De Stage d'insertion gëtt virun allem an der Industrie ugewannt, während de CAT am Privatsecteur éischter an deene klengen a mëttlere Betriber zur Uwendung kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet drëms, déi Jonk fréizäiteg ze aktivéieren an ze responsabiliséieren, a virun allem och ze verhënneren, datt déi Ribambelle vu Moossnamen dozou benotzt gëtt, fir iwwert de Wee vun engem vun deenen Instrumenter déi Jonk als bëlleg Aarbechtskraaft auszenotzen.

Dëse véierte Volet, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer aus dem Projet de loi erausgeholl ginn, well am Kader vun der Tripartite eng Rei Accorden an dësem Zesummenhang tëschent de Sozialpartner getraff gi sinn, déi et elo nach gëllt ze finaliséieren. Et géif kee Sënn maachen, dëse Volet elo ze stëmmen, fir en duerno gegebenenfalls kuerzfristeg missen erëm ofzeänneren.

Ouni virzegräife wëll ech dach awer soen, datt aller Wahrscheinlechkeet no den Artikel 4, esou wéi den initiale Projet e virgesäit, wäert amendéiert ginn.

Mir hätten natierlech kënnen d'Finalisatioun vun den Accorden ofwaarden. Mir hätten dann awer wäertvoll Zäit verluer, an d'Administration de l'Emploi hätt virun allem nach ëmmer keng legal Basis, fir kënnen op Experten zréckzegräifen. Aus dësem Grond, mä awer och fir esou schnell wéi méiglech d'Astellung vun eeleren Aarbechtslosen nach méi ze favoriséieren, huet d'Kommissioun sech mat der Propos vun der Regierung, de véierte Volet aus dem Gesetzestext erauszehuelen, d'accord erkläert.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, ier ech zum Schluss vu mengem mëndleche Rapport kommen, wëll ech nach kuerz op den Amendement vun der Regierung agoen. D'Regierung huet nämlech den 22. Juni 2006 d'Chamber mat engem Amendement saiséiert, deen als Zil huet, déi finanziell Hëllefen, déi d'Gesetz vun 1993 virgesäit, och als Instrument am Kader vun de Restrukturatioune vu Betriber spillen ze loossen.

Den Amendement besteet doran, datt de Benefiss vum Remboursement vun de Cotisatiounen erweidert gëtt op Salariéen, déi vun engem Sozialplang concernéiert sinn, ënnert der Bedéngung, datt se mindestens 40 Joer al sinn. An dësem Fall ass d'Inscriptioun bei der Administration de l'Emploi vum Salarié keng Konditioun, fir datt den neien Employeur vun dëse Moossname profitéiere kann. Dëst spigelt déi nei Philosophie ganz sécher och vum Maintien dans l'emploi erëm.

D'Regierung proposéiert deemno am Artikel 1 vum Gesetz vun 1993 en drëtten Alinea bäizefügen. D'Kommissioun ass mat dësem Amendement averstanen. Dësen Amendement huet och den Accord vum Statsrot kritt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Aarbechtskommissioun géif ech lech bieden, dëse Projet de loi ze stëmmen. En ass kleng am Format, mä wichteg vum Contenu. Dëst Gesetz wäert sécherlech dozou bäidroen, méi effizient a koordinéiert a puncto Beschäftegungspolitik virzegoen. Et ass e Projet am Interesse vun all deene Leit, déi keng Aarbecht hunn oder hir Schaff verléieren.

Ech géif mer och nach erlaben, de Membere vun der Aarbechtskommissioun, de Mataarbechter vun der Fraktioun a vun der Chamber, der Madame Nadia Rangan an dem Här Martin Bisenius, mä awer och virun allem de Leit aus dem Aarbechtsministère hei Merci ze soen.

An deem Sënn géif ech lech da Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Glesener. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Merci, Här President. Mäi Fraktiounskolleeg Ali Kaes huet elo enger Rei Leit, déi dëse Projet finaliséiert hunn, Merci gesot fir hir Kontributioun. Ech wëllt dann e weidere Merci ufügen, an zwar un d'Adress vum Rapporteur. Mäi Kolleeg, den Ali Kaes, huet dat op eng ganz kloer Aart a Weis hei gemaach. Säi schrëftleche Rapport léisst näischt un Däitlechkeet aus an ënnersträicht virun allem och d'Wichtegkeet an d'Noutwendegkeet, fir déi Punkten, déi elo hei zur Diskussioun stinn, am Detail ze duerchliichten a virun allem awer och zur Uwendung ze bréngen.

De mëndleche Rapport vu mengem Frënd, dem Ali Kaes, huet deem net hannendrugehippt, e war explizit an en huet wierklech ganz kloer där Beweiser dofir bruecht, wéi noutwendeg a wéi wichteg et ass, datt mer déi offensiv Beschäftegungspolitik, déi déi lescht Regierunge gekennzeechent huet, elo a verstäerktem Mooss weiderféiere mussen. Et war dat och e wesentlechen Aspekt vun deene Berodungen an der Tripartite.

Ähnlech wéi - an ech ka mech ganz gutt dorun erënneren - mer eis ausganks den 90er Joren eescht Gedanke gemaach hunn iwwert d'Entwécklung vum Chômage, wou mer hei an der Chamber widderhuelt eis doriwwer net nëmmen ënnerhalen hunn, mä och, virun allem am Rumm vum PAN-Gesetz, gesetzlech Moossnamen décidéiert a gestëmmt hunn, fir d'Massenaarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg ze verhënneren, wat eis och gegléckt ass deemools, stelle mer haut fest, datt d'Entwécklung vum Chômage beängschtegend Entwécklunge virweist. An et ass noutwendeg a wichteg, datt mer, wéi ech am Ufank gesot hunn, eng offensiv Beschäftegungspolitik hei weiderféieren.

Ee vun de Volete vun där Beschäftegungspolitik, dat sinn déi sou genannte Beschäftegungsinitiativen. Dat sinn der néng, an ech maachen direkt eng Klammer op. Eng vun deene Beschäftegungsinitiativen, dat ass de Projet iwwert de Chômage social, an no enger laanger Reflexiounsperiod opgrond vun engem Avis vum Statsrot huet och d'Regierung do déi lescht Amendementer presentéiert. Ech ginn dovun aus, datt mer eis an eiser Kommissioun direkt bei der Entrée vun der neier Parlamentssessioun mat deem Projet wäerten ausenaner setzen.

Et ass e wichtegen Aspekt fir Leit, Mënschen, fir nach jonker an och net jonker, déi keng Chance hunn um Aarbechtsmaart erëm eng Plaz ze fannen, sou awer d'Méiglechkeet ze ginn, datt se net ausrëtschen an net an eng Situatioun kommen, déi prekär ass a wou se an eisem gesellschaftleche Liewe séier wéineg Iwwerliewenschancen nach hunn. Déi Klammer zou.

Ech wëll awer op een Aspekt hiweisen, ouni elo nach eng Kéier an den Detail ze goen - den Ali huet dat op eng magistral Aart a Weis gemaach -, nämlech datt d'Regierung gutt berode war fir d'Kapitel 4 aus deem ursprëngleche Projet erauszehuelen an e getrennt am Zesummenhang mat neien a wei-

deren Iwwerleeunge weiderzeféieren, am Zesummenhang mat enger Aktualiséierung vun deenen néng Beschäftegungsinitiativen, déi während deene leeschte Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg agefouert gi sinn.

An zwar kënne mer dat elo maachen opgrond vun enger wëssenschaftlecher Etüd, déi eis gëschter presentéiert ginn ass vum CEPS déi beweist an déi och weist, datt déi Beschäftegungsinitiativen net dat Negatiivt duerstellen, wat munch Leit ëmmer hinne virgeworf hunn, mä au contraire, datt se wesentlech dozou bäigedroen hunn, fir jonke Leit an och eelere Matbierger, déi keng Aarbecht méi hunn, d'Méiglechkeet ze ginn, fir erëm eng Aarbechtsplaz ze fannen a sech ze integréieren an eis Gesellschaft als vollwäerteg Mënschen.

Mir hunn awer och festgestallt, datt eng ganz Rei Beschäftegungsinitiative mussen aktualiséiert a verbessert ginn, datt mer mussen nei Initiatioune maache par rapport och zu de Leit selwer, awer och visà-vis vun den Arbeitgeber, fir an deem Geescht weiderzefueren, an deem mer deemools ugefaangen hunn, an déi Beschäftegungsinitiative weider ze gestalten.

Dofir war et gutt - an den Ali Kaes huet drop higewisen -, datt mer de Punkt 4, wou et ëm déi spezifesch Beschäftegungsinitiative fir Jugendlecher geet, aus dem Projet erausgeholl hunn, dat opgrond vun den Diskussiounen an der Tripartite. Elo ass den Aarbechtsministère amgaang, en Comité permanent de l'Emploi, en Avant-projet auszeschaffen, wou soll probéiert ginn e Konsens ze fannen tëschent de Sozialpartner.

Ech waarden, net mat Ongedold, mä ech waarden awer op deen Avant-projet an ech hoffen, datt de Minister esou séier wéi méiglech a senger Berodung mat de Sozialpartner virukënnt, fir datt mer eis och an eiser Kommissioun kënne rechtzäiteg parallell mat de Sozialpartner Gedanke maachen, wéi a wou déi Beschäftegungsinitiative weider ze vervollstännege sinn, well dat ass jo net eleng d'Aufgab vun de Sozialpartner, mä och d'Aufgab vun der Politik effektiv déi Mesuren esou ze treffen, datt se wierksam sinn, an datt mer och kënnen de Sozialpartner d'Méiglechkeet ginn, fir effektiv a ganz konkret am Rumm vun enger offensiver Beschäftegungspolitik hir Aarbechte weiderzeféieren.

Dat gesot, Kolleeginnen a Kolleegen, ginn ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Volet hei vun deem Projet.

Mir wäerten zesummen an der Kommissioun mat all deenen anere Fraktioune versichen dann och eist Beschtméiglecht ze maachen, fir mat deene Konklusiounen, déi aus där Etüd erausgaange sinn, déi mer gëschter presentéiert kritt hunn, och wierklech Neel mat Käpp ze maachen an hei eng offensiv Beschäftegungspolitik weider ze gestalten, andeem mer ënner anerem och déi néng Beschäftegungsinitiaven ënnert d'Lupp huelen an déi als Outil benotzen an ausbauen, déi derzou féieren, fir d'Aarbechtslosegkeet hei däitlech ze verréngeren an d'Vollbeschäftegung méi däitlech an d'Luucht ze setzen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Den honorabelen Här Bettendorf huet elo d'Wuert als Vertrieder vun der demokratescher Fraktioun.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech och dem Rapporteur Aly Kaes Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass esou, dass dëse Projet de loi e weidere Versuch ass de Chômage besser kënnen ze bekämpfen. Et ass e weidere Versuch d'ADEM an hirer Aarbecht ze stäerken. Dass dat noutwendeg ass, dat wësse mer alleguerten. Ech hoffen, dass déi Mesuren, déi mer huelen, och vun Erfolleg gekréint sinn.

Ech muss lech soen, dass dëse Projet de loi jo amputéiert ginn ass, andeems mer den Artikel 4 erausgeholl hunn - et ass elo schonn hei erkläert ginn -, well déi Mesurë fir déi jonk Leit sollen dann am Kader vun dem Tripartitesgesetz verbessert ginn. Ob et esou en Tripartitesgesetz gëtt, wéi mer e PAN-Gesetz haten, wou mer 29 Gesetzer an engem Siess dra geännert hunn, wësse mer nach net. Den Här Minister weess dat vläicht; e kann eis dat vläicht herno soen.

Op alle Fall war dat deemools eng Sisyphusaarbecht, fir déi 29 Gesetzer an engem Gesetz ze änneren. Vläicht wier et genau esou gutt, wann all eenzelne Ministère géif vu sech aus Projet-de-loien ausschaffen iwwert dat, wat an der Tripartite ausgemaach ginn ass, an déi dann hei an der Chamber géif deponéieren.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech muss lech soen, dass ee mat deene Mesuren, déi am Fong geholl virgesi sinn hei, kënnt averstane sinn. An awer ass eng Mesure, déi mer exzellent gefält an déi mech awer zum Iwwerleeë bruecht huet, wat dorauser kann entstoen. Dat ass déi Mesure, dass, wann ee 45 Joer al ass, de Patron da bis zur Pensioun - vu 45 bis 65, dat sinn 20 Joer -, wann en esou e Chômeur astellt, d'Sécurité sociale rembourséiert kréie kann. Dat kann en décke Batz Geld sinn zu Laaschte vum Fonds pour l'Emploi.

An ech froe mech, wat dorauser entsteet. Vläicht erreeche mer dat, wat mer gären hätten, an zwar eeler Chômeuren ënnerdaach ze kréien. Wann et eis geléngt, dat do ze maachen - à la bonheur, dann ass dat eng gutt Mesure. Wa mer musse feststellen, dass mat där Mesure Unfug geschitt an express emol eng ganz Rei Leit an de Chômage ginn, fir dass de Patron vun deene Mesurë profitéiert, da kënnt et negativ ginn. Da misste mer awer reagéieren. Dat ass emol op alle Fall, mengen ech, ee Punkt, op deen ee muss oppassen.

Ech sinn och frou, dass mer net méi spéit wéi gëschter déi éischt Beliichtung vun de Mesuren, déi geholl gi sinn, endlech presentéiert kritt hunn. An et ass schonn hei gesot ginn: Do si Saachen zum Virschäi komm, déi ee sech net esou virgestallt huet.

Eng vun de Mesuren zum Beispill ass déi, dass Leit, déi an enger Mesure CAT privé waren oder engem CAT public, wa se hir Mesure ofgebrach hunn, da besser bei engem Patron ënnerdaach kommen, wéi wa se d'Mesure bis zu Enn gefouert hätten.

Dat huet mech net laang iwwerrascht. Well, wann een iwwerleet, et huet een e Patron, bei deen ee sech virstelle kënnt, an dee seet zum Patron: Ech hu keng Aarbecht. Wëllt Der mech net huelen? Dann ass de Patron scho retizent, well en net weess, firwat dass dee keng Aarbecht huet. Kënnt awer dee jonke Mënsch dohinner an e seet: Ech schaffen am Ableck do an do. Ech sinn an enger Mesure. Ech schaffen! - Da seet de Patron vläicht: Dat do ass en aarbechtswëllege Mënsch. Deen huelen ech éischter ewéi en aneren.

Dat ass eppes, wat mer gëschter erausfonnt hunn. An dat muss eis ze denke ginn, dass mer musse versichen déi jonk Leit, während deem se an de Mesuren dra sinn, awer och weider derzou ze kréien, dass se weider siche ginn, an dass se Zäit kréie, fir sech ze presentéiere fir justement eng Aarbecht ze fannen.

Wéi gesot, dat musse mer nach analyséieren, wat alles an där Etüd Ceps/INSTAED do drasteet. Mer krute se gëschter presentéiert. Et ass eng gutt Aarbecht an déi Aarbecht, déi muss och weidergefouert ginn. Ech wëll lech soen, dass mir als Demokratesch Partei averstane si mat deene Mesuren, déi en faveur vun deenen eelere Chômeure geholl ginn, an dass mir dëse Projet de loi och wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Ech soen dem Här Bettendorf Merci. Als nächste Riedner ass den Här Castegnaro agedroen. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir dee gudde schréftlechen an och mëndleche Rapport, deen en hei virgedroen huet. Ech wëll och ënnersträichen, dass mir d'Zweedeelung vun deem Projet de loi direkt akzeptéiert hunn, well mer der Meenung sinn, dass se zesummegeet mat där dach dramatescher Situatioun op eisem Aarbechtsmaart.

Déi Situatioun mécht et noutwendeg, dass ee sech fir déi nei Mesuren, déi besonnesch fir déi jonk Chômeuren an Demandeurs d'emploi amgaange sinn ausgeduecht ze ginn, Zäit muss huelen. Och well se musse weiderhin en offensive Charakter hunn, ass et néideg, sech Zäit duerfir ze huelen, fir dass dat duerchdiskutéiert gëtt, ausgeräift ass an zu engem konkrete Resultat da féiert.

De Koordinatiounscomité vun der nationaler Tripartite huet a senge leschte Sitzungen deen Débat - och deen dote - relancéiert. Ech géing awer ganz bescheide soen, och am Sënn vun der LSAP an eisen Initiativen hei an deem héijen Haus, wou mer e puermol Debatten ausgeléist hunn iwwert de Chômage am Allgemengen an och am Spezifeschen an domat eis Suerg ëmmer erëm zum Ausdrock bruecht hunn, dass ee sech muss mat där Beschäftegungssituatioun permanent ausernee setzen, an dat mam Zil erëm kënne Vollbeschäftegung hierzestellen.

Vollbeschäftegung a méi Aarbecht, awer dat wësse mer och: Dat kann een net eleng per Gesetz dekretéieren. Dat ass net méiglech, soss hätte mer et scho längst gemaach. Mä dat, wat mir kënne maachen, musse maachen a jo och maache wéi haut, dat ass dee beschtméigleche Kader ze schafen, deen derzou bäidréit, dass een d'Beschäftegungspolitik kann offensiv entwéckelen. Dat och am Sënn vu bessere finanzielle Konditiounen. Ob dat elo déi Sue sinn, déi de Chômeur kritt, oder ob dat déi Hëllefe sinn, déi de Patron kritt, alles dat ass wichteg a spillt eng Roll.

Mä mir sinn eis jo awer och alleguer bewosst, dass och d'Schoul- an d'Ausbildungspolitik, wann ee vu Beschäftegungspolitik schwätzt, eng bedeitend Roll huet; och d'Industrie- an d'Wirtschaftspolitik, och d'Steierpolitik. Vill - wann net bal all - Politiken, déi an dësem Land zur Debatt stinn, hunn hiren Undeel dorun, ob ee Vollbeschäftegung méiglech mécht, oder ob ee weiderhin op engem héije Chômageniveau muss fueren.

Bedeitend ass a bleift - an dat muss een ëmmer erëm op en Neits ënnersträichen -, dass all Akteuren hei gefuerdert sinn; d'Politik als alleréischt. Mir droen d'Responsabilitéit an alle Fäll, mä och d'Gewerkschaften an d'Wirtschaft an dat am Sënn vun där Responsabilitéit, déi all Acteur an dësem Land huet, awer och am Sënn vun der sozialer Responsabilitéit, déi jiddfereen ze iwwerhuelen huet.

D'Viraarbecht fir déi Mesuren, déi elo méi besonnesch déi Jugendlech treffen, déi ginn de Moment am Comité permanent de l'Emploi gefouert, op der Basis vun den Diskussiounen aus der nationaler Tripartite.

Mä ech wëll awer dobäi och ënnersträichen, dass eis Commission du Travail et de l'Emploi genausou direkt no der Tripartite déi Viraarbecht ugefaangen huet, andeem mer den Aarbechtsminister invitéiert haten, fir e Rapport gemaach ze kréien iwwert d'Konklusioune vun der nationaler Tripartite a fir direkt an de Prozess ageschalt ze sinn a kënnen eise Pefferkär bäizeleeën an och keng Zäit ze verléieren, fir dann, wann et esou wäit ass, kënne méiglechst schnell déi beschtméiglech nei Mesuren op den Instanzewee ze bréngen an deem héijen Haus hei dann och kënnen ze ënnerbreeden.

Déi lescht politesch Entscheedung ass eben hei an der Chamber an déi soll a muss ëmmer am Sënn vun de Betraffene sinn.

Haut - de Rapporteur an de Virriedner hunn dat schonn ënnerstrach - leeë mer iwwert dee Projet, iwwert dee mer ofstëmmen, eng Rei vu Saache fest, besonnesch, an dat ënnersträichen ech, eng legal Basis fir d'Experten an d'Consultanten, déi bei der ADEM agestallt gi sinn zënter Joren an déi eng wäertvoll an net méi ze vermëssend Aarbecht leeschten. Mir begréissen, dass de Statut vun deene Leit mat dësem Gesetz kloer gëtt, also eng legal Basis kritt.

Mir schwätzen och haut iwwert eng Rei vu Verbesserungen an der Harmoniséierung vu bestehende Moossnamen. Ech wëll net méi op déi agoen; déi sinn hei ëmschriwwe ginn.

Ech wëll just eppes besonnesch ervirsträichen, well et engem am Häerz wéi deet: Mir schwätzen haut iwwer Moossnamen zu Gonschte vun eeleren Arbeitnehmer, déi mer ab dem 40. Liewensjoer als al Arbeitnehmer fir den Aarbechtsmaart aklasséieren, wat eigentlech eng Schan an eng Frechheet vis-à-vis vun deene Mënschen ass an e brutaalt Spigelbild awer duerstellt vun der reeller Situatioun op eisem Aarbechtsmaart an deem dach méi béisaartege Spill, wat mat Mënschen a mat hirer Existenz gedriwwe gëtt. Duerfir begréissen ech ausdrécklech, dass mir am Sënn vu positive Moosnamen hei Verbesserunge virschloen iwwert dee Projet de loi.

An ech wëllt d'Geleeënheet nach fir eppes benotzen. Et ass vill iwwert d'CEPS-Studie vu gëschter geschwat ginn, ech kommen och nach eng Kéier kuerz drop zréck, mä mir soen et ëmmer erëm: Et gëtt an dësem Land immens vill Patronen, déi iwwerhaapt net wëssen an net zur Kenntnis huelen, wéi vill Moossnamen, positiv Moossnamen et gëtt fir déi Mënschen, mä och fir hir eege Keess. Wa se déi Moossnamen uwenden, kommen se net emol schlecht dobäi ewech, well se meeschtens gutt Leit kréien an och nach vill Geld aus dem Fonds pour l'Emploi, wa se dann deen Akt do maachen, deen eigentlech misst eng Selbstverständlechkeet sinn am Sënn vun der sozialer Responsabilitéit.

Mä ech wëll eppes aneschters ënnersträichen. Déi Mesuren, déi haut hei zur Décisioun stinn, stinn eigentlech am krasse Géigesaz zu Fuerderunge vu gewësse politesche Kreesser oder Patronatsorganisatiounen, oder vu sou genannten Experte wéi déi vun der OECD, déi an dësen Deeg en Urteel jo och iwwert de Chômage a seng Bekämpfung zu Lëtzebuerg ofginn hunn. Sou och den Expert vum BIT, deen eigentlech virun e puer Wochen hei war, fir en Audit bei der ADEM ze maachen, mä dee sech och ugemooss hat, d'Héicht vun den Chômageindemnitéiten an de Steieren an all Méigleches ze kritiséieren. Do hate mer eigentlech Sträit kritt.

Dir erënnert lech un déi Debatt hei an déi Ausernanersetzung, déi ech bal mam honorabelen Niki Bettendorf kritt hat, mä déi Leit do sinn a sech bezuelte Söldner, géing ech soen, déi geruff ginn - ech hoffen net bestallt ginn -, mä déi hir Missioun dora gesinn, fir an dësem Fall déi bestehend Chômagegesetzgebung ze veränneren, an deem Sënn, wéi si dat gesinn. Si drécke sech zwar an engem techneschen onverständleche Kauderwelsch aus, wat bal kee versteet. Am Endeffekt ëmschreiwe se dat mat néidege Strukturreformen. Mä am Endeffekt beweise se, dass se keen Häerz hunn an dass se am neoliberalen Zäitgeescht eigentlech Sozialofbau schlicht an einfach op Bockel vu Leit, déi souwisou Existenzproblemer hunn, wëlle bedreiwen.

An do soen ech: Gott sei Dank ass dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, am krasse Géigesaz, a Widdersproch zu deenen Theorien a Gott sei Dank setze mer hei e positiivt Signal, e positiivt Signal, wat mer hoffentlech och - an ech gleewen drun - bei den neie Moossname fir jugendlech Chômeuren oder Demandeurs d'emploi geneeësou wäerte setzen.

Ofschléissend, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, nach déi eng oder aner Iwwerleeung. Éischtens emol: D'Commission de l'Emploi et du Travail, an et ass vu menge Virriedner gesot ginn, huet virgëschter déi Etüd vum CEPS zur Kenntnis geholl, wou et dorëm gaangen ass, d'Bewäertung vun der Effikassitéit vun néng bestehende Mesures pour l'emploi virzehuelen, also net Beschäftegungsinitiativen, wéi de Frënd Marcel Glesener sech e bëssen onglécklech ausgedréckt huet, mä néng bestehend Mesures pour l'emploi, an dorënner sinn och déi, déi hie gemengt huet, also déi Mesuren, déi iwwer Beschäftegungsinitiativen organiséiert ginn.

Déi CEPS-Etüd huet eigentlech wëssenschaftlech dat bewisen - an do sinn ech mat mengem Frënd, dem honorabelen Niki Bettendorf dann eben erëm eng Kéier net ganz d'accord - wat aner Leit awer wossten, nämlech dass déi Mesurë scho positiv Resultater op engem ganz héijen Niveau hunn. Dat wat gutt ass, wat positiv ass, dat ass, dass mer et och elo nach wëssenschaftlech kritt hunn, wat mer awer am Ministère, an der ADEM, innerhalb och vu gewëssene Beschäftegungsinitiative souwisou feststellen.

Et ass also eng Bestätegung vun enger positiver Bewäertung an ënnersträicht, wéi wäertvoll an erfollegräich déi Mesuren do sinn. Mä et ass och drop higewise ginn, dass se zu engem gudden Deel verbesserungsbedürfteg sinn, an dass verschidde Konfusiounen nach méi mussen aus der Welt geschaaft ginn. Hei ass de CAT public genannt ginn, wou eng ronn 1.800 Verträg an de Joren 2001 bis 2005 waren; wou leider déi Meescht mengen, wa se CAT am öffentleche Secteur maachen, wier dat gläichbedeitend mat iergendeng Kéier enger definitiver Astellung do; wat jo net méiglech ass opgrond vun de Spillregelen, déi aneschters sinn; an dass do Leit herno Schwieregkeeten hunn, en anere Patron am Privatsecteur ze fannen; dat ergëtt sech e bëssen. Mä dat sinn déi Saachen, déi ee muss verfeineren.

Mir sinn eis jo och eens ginn, dass mer am Hierscht, op der Basis vun der CEPS-Etüd a vun Erkenntnisser vum Ministère a vun der ADEM, deen Débat wäerte weiderféieren.

Eng aner Iwwerleeung, an déi ass haut och hei genannt ginn, dat ass de Maintien dans l'emploi. Do ass eng nei Method amgaang sech ze entwéckelen, déi sech hoffentlech duerchsetzt; obwuel ee mierkt, dass gewësse Patronskreesser och do elo erëm méi Widderstand leeschten. De Maintien dans l'emploi soll e Mëttel sinn, wat prioritär

agesat gëtt a Krisesituatiounen, also an Entloossungssituatiounen. Well dat verhënnert, dass d'Leit an de Chômage falen an dann domat tributär gi vun all deem, wat dann d'Chômagegesetzgebung deene Leit och bereethält.

Dann eng lescht Iwwerleeung, a si ass genannt ginn zu engem Deel, dat ass d'Gesetz iwwert de Chômage social, wat elo erëm um Métier ass. Do sinn d'Amendementen do. No dem Avis vum Conseil d'État hu mer eis jo och d'Wuert ginn, dat elo méiglechst schnell ze attackéieren, well iwwert dat Gesetz vum Chômage social jo d'Base légale fir déi sou genannte Beschäftegungsinitiative geluecht gëtt. Déi Beschäftegungsinitiativen hunn e grousse Succès. Et sinn ëmmerhi bal 4.000 Leit, déi iwwer all méiglech Beschäftegungsinitiativen eng Chance hunn, net am Chômage, mä um Aarbechtsmaart ze sinn. Et ass also Zäit, dass mer do d'Spillregelen definitiv klären.

An da bleift d'Gesetz iwwert d'Solidarwirtschaft, iwwert d'Économie solidaire, wat ech schonn des Öfteren hei gesot hunn, wat nach eppes anescht ass a wat och am Beräich vum Familljeministère ugesiedelt ass. D'Solidarwirtschaft brauch eng legal Basis, fir kënnen e weidert wirtschaftlecht Standbeen hei zu Lëtzebuerg duerzestellen a fir iwwert dat wirtschaftlecht Standbeen erëm eng Kéier d'Chance ze realiséieren, dass duerch d'Kreatioun vun Entreprisen am Beräich vun der Économie solidaire souwuel Jonker wéi Aler, Qualifizéierter wéi Onqualifizéierter, eng nei Chance op eng Aarbechtsplaz kréien an net eng kuerzfristeg, mä och eng laangfristeg, an dass do kënnen déi Aarbechten entwéckelt ginn.

Besonnesch och do sinn déi eeler Chômeure betraff, vun deene mer haut vill geschwat hunn, an deene solle mer déi Chance ginn…

M. le Président.- Herr Castegnaro, erlaabt Der, datt den Här Glesener Iech eng Fro stellt?

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Elo war ech esou gutt lancéiert a bal um Enn.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Ech wollt dem Här Castegnaro just herno eng Äntwert ginn op dat, wat e gesot huet.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Ma, dat ass ganz gentil. Ech sinn direkt fäerdeg.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Et gëtt och bal Zäit.

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Mir ginn eis eens.

Ech wëll nëmme soen, dass iwwert d'Économie solidaire dat Standbeen ka geschaaft gi fir dauerhaft Aarbechtsplazen a Beräicher wéi dem Sozialen, dem Kulturellen, dem Environnement, wou Leit, déi anerwäerts net méi geholl ginn, duerchaus gebraucht ginn a bewisen hunn, dass se do, wou se elo schaffen, eben eng wäertvoll Aarbecht leeschte kënnen. Déi puer Iwwerleeungen zum Schluss. Fir de Rescht wëll ech hei soen, dass d'LSAP-Fraktioun natierlech dëse Projet stëmmt.

Merci alleguer.

M. le Président.- Ech soen dem Här John Castegnaro Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Den Här Glesener wollt jo nach eng Fro stellen.

M. le Président.- Jo…

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Jo. Här Président, Merci fir d'Wuert. Ech wollt just dem Här Castegnaro…

M. le Président.- Jo…

(Hilarité)

Här Glesener. Ech muss Iech awer drop opmierksam maachen, Dir musst eng Fro stellen. Mir si jo elo net an enger öffentlecher Diskussioun. Wann Der wëllt, kënnt Der Iech herno nach eng Kéier androen, an da kënnt Der nach eng Kéier Positioun huele par rapport zu deem, wat gesot ginn ass. Mä soss misst Der Iech eigentlech drop limitéieren eng Fro ze stellen.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Neen, et war keng Fro. Ech wollt just dem Här Castegnaro Recht ginn…

(Hilarité)

…wéi e gesot huet, datt ech mech verschwat hunn a mech onglécklech ausgedréckt hunn, datt ech net geschwat hu vu Beschäftegungsmoossnamen, mä vu Beschäftegunsinitiativen. Beschäftegungsinitiative kënnen och Moossname sinn. Et ass mer am Eifer des Gefechts esou gaange wéi mengem Kolleeg Castegnaro, dee vun enger feindlecher Iwwernahm vun der Cargolux vum Här Mittal geschwat huet. Dat ka virkommen.

(Hilarité)

Merci.

M. le Président.- Gutt, domadden ass dat richteg gestallt. Elo huet d'Madame Loschetter d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gären direkt virausschécken, datt meng Fraktioun sech wäert bei dësem Projet enthalen, esou wéi mir eis och beim Rapport an der Kommissioun enthalen hunn.

Ech wäert Iech och erkläre firwat: Net well mir dës Mesuren, déi elo hei virgeschriwwe sinn, schlecht fannen, oder well mir d'Noutwendegkeeten net agesinn, fir zousätzlech Consultanten anzestellen oder deenen soi-disant da méi ale Chômeuren iwwer 40 Joer besser Chancen ze offréieren, fir um éischten Aarbechtsmaart bestoen ze bleiwen oder erëm kënnen op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Neen, Här President. Eigentlech sinn déi Initiativen och gutt an och sënnvoll. Mä mir wëllen op dës Aart a Weis nach eng Kéier ënnersträiche, wat mir als Gréng net midd gi bei all Debatt iwwert d'Aarbecht an de Chômage ze soen, bei all Projet de loi, dee mat Ënnerstëtzung vu Chancegläichheet um Aarbechtsmaart ze dinn huet.

An eisen Ae feelt et nach ëmmer un enger globaler Strategie vun der Regierung, esouwuel wat Beschäftegungspolitik vun de Jugendlechen wéi och wat Beschäftegungspolitik a Maintien dans l'emploi bei den Erwuessenen ugeet.

Et feelt an eisen Aen och u Kollaboratioun an u Koordinatioun tëschent den zoustännege Ministèren, sief et tëschent dem Éducatiounsministère fir deen ee Volet vu méi speziell der Jugendbeschäftegung an dem Wirtschaftsministère oder neierdéngs dann och mam Ausseministère. Mir vermëssen och nach ëmmer eng kloer Ausso vum Aarbechtsminister, dee virun etleche Méint am Kader vun enger klenger Mini-Ëmverdeelung vun de Ressorten an der Regierung sech sollt dann och méi spezifesch ëm d'Aarbechtsmaartpolitik an de Combat contre le chômage këmmeren.

Dëse Projet de loi hei ass am Oktober 2005 déposéiert ginn an hat zu deem Moment nach de Volet vun de Mesurë fir déi jonk Leit mat am Projet. Haut ass en aus verschiddene Grënn - déi mer jo net kennen - net méi dran. Mä et ass awer ganz vill haut doriwwer geschwat ginn.

Deemools hat ech awer och schonns de Minister gefrot - vläicht kënnt Der Iech dat erënneren, ech hat zwar am Procès-verbal nogekuckt, do steet et net esou explizit dran -, ob et net besser wier, d'Resultater vun där CEPS/INSTEAD-Etüd, déi deemools och schonn an Optrag gi war, ofzewaarden, fir dann eng global Evaluatioun ze maachen iwwert déi sëlleche Mesuren an dann eréischt zesummen ënner anerem och an der Travail-et-Emploi-s-Kommissioun iwwert déi noutwendeg Mesuren, déi da sollten an engem Projet de loi erafléissen, ze diskutéieren, ze debattéieren a gegebenenfalls och Entscheedungen ze treffen. Zu deem Zäitpunkt war awer déi do Iddi verworf ginn oder vläicht net fir wichteg genuch gehale ginn.

Ech muss och hei ënnersträichen, datt d'Kommissioun wéineg bedeelegt war u Reflexiounen iwwert d'Situatioun um Aarbechtsmaart an iwwert d'Moossnamen, déi ubruecht wiere bei enger nach méi beonrouegender Situatioun.

D'Kommissioun huet sech am vergaangene Joer eng eenzeg Kéier befaasst mat der Situatioun um Aarbechtsmaart, an zwar den 23. November. Zu deem Zäitpunkt war de Projet de loi schonns iwwer e Mount déposéiert ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir mussen och soen, datt et fir d'Aarbechtskommissioun heiansdo schwéier ass den Duerchbléck ze behalen. Mir hunn engersäits - a mä Virriedner huet et jo och schonns ernimmt - de Comité permanent de l'Emploi oder de Comité de Coordination tripartite, déi iwwer Méiglechkeeten de Chômage an de Gréff ze kréien diskutéieren. Si debattéieren iwwer „paper", heiansdo esouguer iwwer „non-paper". Dorauser entstinn da Propositiounen, déi an engem Projet de loi erëmzefanne sinn. Wann dann an enger Tripartite nei verhandelt gëtt, gëtt et och vläicht nei Méiglechkeeten, déi proposéiert ginn, da ginn och da verschidde Projet-de-loie wéi deen heiten an deem Sënn adaptéiert. D'Parlament gëtt dann doriwwer informéiert.

De Minister informéiert och regelméisseg d'Kommissioun iwwert déi lescht Situatiounen a Statistike vum Chômage. Ech wëll och drun erënneren, datt de Vizepresident aus der Kommissioun - fir en net ze nennen, mä Virriedner - zu deem Zäitpunkt, nämlech am leschten Hierscht dovu geschwat huet. An ech zitéieren aus dem Procès-verbal: «…souligne en premier lieu la nécessité d'établir un inventaire général de l'ensemble des mesures législatives ou autres mesures à discuter ou à prendre dans la lutte contre le chômage».

Dëst ass genau dat, wat mir Gréng och soen. Et ass och genau dat, wat d'Employeure soen. Virdrun ass gesot ginn, datt effektiv d'Employeure sech och net erëmfanne respektiv heiansdo net wëssen, wéi vill a wat fir eng Mesuren et gëtt. An d'CEPS/INSTEAD-Etüd wäert an enger nächster Etüd dann effektiv mat de Betriber a mat den Employeure déi Mesuren analyséieren oder analyséiere loossen a wäerten dëst och wahrscheinlech feststellen. Se soen och genau datselwecht.

An och déi Leit, déi all Dag mat de Chômeuren oder mat den Demandeurs d'emploi schaffen, sief et a verschiddenen Associatiounen, sief et awer och um Arbeitsamt selwer, soen am Fong déiselwecht Saach: Mir erdrénken - fir et net anescht auszedrécken - an enger Rei vu Mesuren, déi oft effikass sinn, déi oft net esou effikass sinn, déi heiansdo kontraproduktiv kënne wierken oder vläicht och ganz einfach sinn. Déi Wéinegst fanne sech doran erëm.

Elo huet d'Regierung kuerzfristeg décidéiert de Volet Jugendbeschäftegung aus dem Projet de loi erauszehuelen, d'Etüd CEPS/INSTEAD betreffend d'Evaluatioun vun de Mesuren, méi spezifesch och déi CAT public a privé an aneres ze considéréieren, a verschidden Décisiounen aus der leschter Tripartite mat afléissen ze loossen. Dofir hu mer haut dann nach dräi eigentlech Adaptatiounsmesuren hei zur Debatt fir ze stëmmen, déi am Projet de loi dra sinn.

Wéi et dann awer mat der Jugendbeschäftegung weidergeet, ob dëst nodréiglech an e Projet de loi erafléisst oder ob aner Méiglechkeeten envisagéiert ginn, kann haut nach kee soen.

Ech sinn net honnertprozenteg dërselwechter Meenung wéi mäi Kolleeg, den Här Bettendorf. Ech froe mech heiansdo, ob e PAN net zu esou engem Zäitpunkt erëm zäitgeméiss wär, fir wierklech eng Aktioun ze lancéieren an domadden och eng kloer Strategie ze definéieren.

Wéi et mam neien an drëtten Audit vun der OCDE vum Arbeitsamt weidergeet - dat ass och scho virdrun ernimmt ginn -, weess och nach haut keen ze soen. Wéi et mat der Zesummenaarbecht vun den Interimsfirme weidergeet, wouriwwer mer och an der Kommissioun Rieds haten, weess och nach haut keen ze soen. Wéi et mam Chômage social - wéi et heescht - weidergeet an deem vill ëmstriddene Projet de loi dozou, weess och nach haut keen ze soen.

«Dans le domaine de l'orientation professionnelle, la collaboration avec les services de l'orientation dans les lycées devra être améliorée.» Domadder zitéieren ech de Minister iwwert de Biais vum Procès-verbal vum leschten November. Och do wësse mer net, wéi an ënner wat fir enger Form dëst soll vir sech goen.

Sécherlech wäerten no an no - a mä Virriedner, den Här Castegnaro, huet dat op eng a sech zimlech optimistesch Aart a Weis hei beschriwwen - drëppechersweis all déi noutwendeg Mesuren eventuell hei presentéiert ginn. Ech gesinn dat net esou optimistesch, well ech der Meenung sinn - a meng Fraktioun mat -, datt et net ubruecht ass fir stéckechersweis zu verschiddene Mesuren ze kommen.

Mir sinn awer der fester Iwwerzeegung, datt mir eis et net méi kënnen erlaben, drëppechersweis ze schaffen an engem Beräich, wou engersäits d'Zuel vun den Aarbechtsplaze klëmmt, de Chômage awer gläichzäiteg och. Esou wéi et de Moment leeft, verstinn ech och dem Aarbechtsminister seng Ausso, wann hie sech selwer als Pompjee beschreift.

D'lescht Joer hate mer en Débat d'orientation iwwert de Chômage an de Maintien dans l'emploi hei an dësem Haus. Do konnt och all Fraktioun hir Kritiken, hir Propositiounen, hir Fuerderunge matdeelen. Et sinn och vill Kritike komm, et sinn awer och vill Suggestiounen a Propositioune komm vun alle Fraktiounen. Et gesäit awer esou aus, wéi wann d'Regierung awer dach wéineg Ouer hätt fir dat, wat déi Honorabel hir suggéréiert hunn, souwuel déi aus der Oppositioun wéi och déi aus der Majoritéit.

Duerfir, Här President, ouni wëllen déi puer eenzel Mesuren, déi hei proposéiert ginn, schlecht ze rieden, wëlle mer hei soen, datt mir mengen, datt et net absolut de richtege Wee ass, fir eng offensiv, eng kloer an eng determinéiert Beschäftegungspolitik ze lancéieren. Ouni wëllen och de Lëtzebuerger Modell a Fro ze stellen, stelle mir eis als Gréng awer Froen iwwert d'Marge de manœuvre, déi d'Regierung sech gëtt, wat hire rouden oder schwaarze Fuedem a Saache Beschäftegungspolitik ass, wéi si de Chômage wëllt upaken.

De Moment gesäit hir Politik éischter aus wéi e Buch, wou ee keen Inhaltsverzeichnis huet a wou d'Säiten au fur et à mesure geschriwwe ginn. Mir zweifelen drun, datt dat dee richtegen, zumindest dee séchere Wee ka sinn. Duerfir menge mir, datt et elo un der Zäit ass, datt et un der Regierung an deenen zoustännege Ministeren - et sinn der méi wéi een - ass, fir elo e kohärente Programm op den Dësch ze leeën an eis eng kloer Politik ze presentéieren.

Ech zitéieren nëmmen e puer Saachen: Iwwert d'Orientation professionnelle, iwwert d'Jugendbeschäftegung, iwwert de Chômage social, iwwert d'Formation continue, iwwert de Maintien dans l'emploi, iwwert de Rôle vum Aarbechtsamt, iwwert de Rôle vun den Interimsfirmen, iwwert de Rôle vun den A.s.b.l.en an de Kooperativen, iwwert d'Interaktiounen tëschent Comité permanent de l'Emploi, Tripartite a Chamber a Saache Beschäftegungspolitik, iwwert d'Koordinatioun tëschent de verschiddenen zoustännege Ministèren an och iwwert d'Ressourcë vum Fonds pour l'Emploi, fir der just nëmmen e puer ze nennen, wou mir mengen, datt déi alleguerte matenee vernetzt sinn an datt déi eigentlech alleguerte matenee missten an enger Strategie presentéiert ginn.

Esou wéi mir et schonn d'lescht Joer gesot hu beim Débat d'orientation, sinn déi Gréng gewëllt, konstruktiv matzeschaffen - ech widderhuelen dëst awer bei menge ville Kritiken trotzdeem nach eng Kéier -, wann dann eng kloer a wäitsiichteg Strategie presentéiert gëtt, fir do eng Hand mat unzepaken.

Dëst gesot, Här President, denken ech, hunn ech mech kloer ausgedréckt iwwert d'Ursaache vun der Abstentioun vun der grénger Fraktioun bei dësem Vote.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Den honorabelen Här Gibéryen huet d'Wuert elo. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Och vun eiser Säit e Merci un de Kolleeg Ali Kaes als Rapporteur vun dësem Gesetz. Ech mengen, mir wëssen alleguer, et ass eng Realitéit, datt de Chômage hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore rapid ugeklommen ass, an datt mer eis net méi kënne vis-à-vis vun anere Länner esou ervirdrängen a virstellen als ee Land mat niddregem Chômage, mat Resultater, déi d'Leit an anere Länner dreeme gelooss hunn, wa mer iwwer eise Chômage do geschwat hunn.

De Chômage ass an deene leschte Jore massiv ugeklommen. En ass am Abléck liicht amgaangen ze falen, wat zwar zum gudden Deel, géif ech mengen, saisonbedéngt ass, och wann e liicht méi séier fält, wéi dat an deenen zwee Jore virdrun zu dësem Zäitpunkt de Fall war.

De Chômage wäert also och an Zukunft fir ons all en Haaptproblem bleiwen, eng Haaptsuerg bleiwen, an et wäert eng permanent Diskussioun op allen Niveaue bei all deene Leit, déi mam Chômage ze dinn hunn, bleiwen, an da virun allem och hei an der Chamber.

Ech mengen, jiddfereen - an déi Debatt, déi mer d'lescht Joer hei gefouert hunn, huet et bewisen - mécht sech queesch duerch déi eenzel Parteie Suergen. Praktesch all Parteien hunn hei Suggestiounen, Propositioune gemaach, a mir mierken, datt op allen Niveauen doriwwer diskutéiert gëtt. Mir wëssen awer och alleguer, wa mer éierlech sinn, datt et keen Allheilmëttel gëtt, fir de Chômage mat engem Gesetz an engem Fiederstréch aus der Welt ze schafen. Et gëtt kee Patentrezept, wat ee ka presentéieren, fir dem Fléau vum Chômage kënne reell ze begéinen.

Et mussen engersäits laangfristeg an op där anerer Säit kuerzfristeg Moossnamen ergraff ginn. Laangfristeg Moossnamen, déi net nëmmen an der Ausféierung laangfristeg sinn, mä déi och dacks an dem Zesummestelle vun der Moossnam laang Zäit brauchen. Ech denken do zum Beispill u wirtschaftleche Wuesstum, ech denken do zum Beispill u Steierpolitik, Sozialpolitik, wat alles domat ze dinn huet, ech denken awer och un d'Formatioun, un d'Weiderbildung, wat alles Theme sinn, déi en direkten Afloss op de Chômage hunn an déi net kuerzfristeg kënne gräifen, mä déi eben eng laangfristeg Zäit brauchen, fir kënnen ze gräifen, fir de Chômage domat kënnen erofzesetzen.

Do derniewent gëtt et dann awer, géif ech soen, eng Kuerbelbootsch voll vu punktuelle Moossnamen, déi kënne kuerzfristeg gräifen. Där hu mer an deene vergaangene Jore schonn öfters hei an der Chamber diskutéiert a gestëmmt. An haut hu mer eben erëm dräi esou Moossnamen, déi kënne kuerzfristeg direkt geholl ginn an déi och kënnen direkt ëmgesat ginn an och kënne punktuell gräifen.

Och wann domat net masseweis Leit wäerte muer vum Chômage an den Aarbechtsmaart eriwwergoen, mä ech mengen all Plaz, a wann et der nëmmen zéng oder 20 oder 30 sinn, ass derwäert fir datt mer légiféréieren, wa mer iwwert dee Wee kënne Leit eng Aarbechtsplaz zoukomme loossen, déi virdru keng haten.

Mir hunn haut dräi Moossnamen, déi zur Diskussioun stinn. De Kolleeg Rapporteur an all déi aner Kolleeginnen a Kolleegen hu virdrun déi schonn zum Deel hei beliicht, esou datt ech dat net méi brauch ze maachen. Vun eiser Säit aus sinn dat positiv Moossnamen, an duerfir wäerte se och eis Zoustëmmung fannen.

Ech géif de Minister invitéieren a vläicht och d'Beruffschamberen, awer - an dat ass och scho virdrun ugeklongen - d'Informatioun un d'Betriber ze verbesseren. Et ass vläicht richteg, datt et eng Schwemm vu Moossname gëtt an duerfir verschidde Leit net méi d'Duerchsiicht hunn, fir eben déi eenzel Moossname kënne konkret festzestellen a se doduerch och ze applizéieren. Mä doduerch datt mer vläicht geziilt Campagnë maache vum Stat aus, och iwwert d'Chambres professionnelles, virun allem wat d'Patronatssäit ubelaangt, kann ee vläicht de Betriber méi Informatiounen zoukomme loossen.

Et kann een awer och zu de Betriber soen, wann den éischte Wee vun all Betrib, dee Leit sicht, op d'ADEM wier, fir ze kucken, ob net e Chômeur do wier, deen déi Aarbechtsplaz kéint besetzen, da wier dee Wee zu der Informatioun wahrscheinlech vill méi liicht, an e kritt och wahrscheinlech da vun der ADEM déi Informatiounen, déi en aneschters net kritt hätt. Duerfir ass et am Fong zum Virdeel vun engem Betrib wann hie géif säin éischte Schratt op d'ADEM maachen, wann hie géif en neie Mataarbechter sichen, fir datt hien dann och déi Informatiounen do kritt. Informatiounen, déi sécherlech net nëmmen zum Virdeel vun deem Demandeur d'emploi wieren, deen dann eng Aarbecht krit, mä déi awer och ganz interessant si fir d'Betriber. Dat sinn awer ganz interessant Moossnamen, déi sech finanziell kéinte positiv op déi eenzel Betriber auswierken.

Wa mer haut hei déi Experten, déi d'ADEM mat bäigezunn huet, legaliséieren, ass dat och e Wee, dee mir kënnen ënnerstëtzen. Dir wësst, datt mir als ADR schonn des Öftere méi privat Initiative gefuerdert hunn, wat d'Placementer ubelaangt. Mir hunn do ni bis haut e ganz grousse positiven Echo heibanne fonnt, mä mir sinn awer der Meenung, datt een och soll privat Initiativen do mat abannen. Hei ass en deelweise Schrëtt, deen esou gemaach gëtt, well eben d'ADEM elo kann Experten aus dem Privatsecteur mat erunzéien, fir mat deenen hire Kenntnisser ze versichen eben déi Pisten erauszesichen, wou Leit kéinte placéiert oder besser placéiert ginn.

Dat gesot, Här President, mengen ech, datt all Gesetz, och wann et nëmmen e klengt ass, wichteg ass. Et ass de Mëtten hei ugeschwat ginn, datt ee vläicht sollt erëm iwwerleeën iwwer e PAN-Gesetz. Mir wëssen awer alleguer, wat d'Realisatioun vun esou engem Gesetz net nëmme vun Aarbecht, mä virun allem vun Zäit verlaangt, an duerfir sinn ech awer perséinlech ee vun deenen, dee seet, wann eng Moossnam fäerdeg ass, datt se kann ëmgesat ginn, da komm mer huelen eis déi Zäit a mer setze se direkt ëm a mer loossen et net waarden, bis mer iergendwéi eng Kéier e grousst Gesetz kënne maachen.

Duerfir och, wéi gesot, wann dat e Gesetz ass, wat nëmmen dräi punktuell Moossnamen huet, dann ass et e gutt Gesetz. Mir sollten et net verschleefe loossen, mir sollten et direkt stëmmen, fir datt et am Interessi vun deene Leit, déi eng Aarbecht sichen, esou séier wéi méiglech kann a Fonctioun trieden.

Ech soen lech Merci.

M. Robert Mehlen *(ADR).-* Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).-* Merci, Här President. Et ass scho richteg, wann ee seet, wat e Gesetz manner Dispositiounen huet, wat et méi iwwersiichtlech a fir jiddferee méi verständlech ass. Dofir war et och menger Usiicht no gutt, dass e Splitting komm ass vun dësem Gesetz mat deem aneren, wat zu engem spéideren Zäitpunkt fir déi jugendlech Aarbechtsloser soll kommen.

Ech sinn och der Meenung, dass et richteg ass, punktuell Moossnamen dee Moment ze treffen, wa se noutwendeg sinn. Ech mengen, et ass ëmmer esou: Wann et brennt, da rifft jiddfereen direkt d'Pompjeeën an e mécht net fir d'éischt eng laang Strategie fir ze kucken, wou fänken ech dann elo u mat läschen, mä e muss fir d'éischt direkt déi néideg Moossnamen ergräifen.

Ech wëll op dat zréckkommen, wat den Här Bettendorf gesot huet, wou hie Bedenken huet, wat de Käschtepunkt ubelaangt vun deenen 20 Joer, déi vu 45 Joer u bis zum Enn vun der aktiver Aarbechtszäit bezuelt solle ginn, wou d'Soziallaaschte solle geschenkt ginn. Wann ech do eng Moyenne huele vun 2.000 Euro de Mount mat engem Taux vun 12,67%, da rechnen ech aus, dass dann awer dee Chômeur 20 Joer ka beschäftegt ginn an dass dat équivalent ass mat deenen 48.000 Euro, déi et géif kaschten, wann hien zwee Joer laang Chômage géif kréien. Dat heescht also, de Käschtepunkt ass vläicht deeselwechten, mä ass awer gestreckt op 20 Joer.

Da wëll ech nach soen, et ass souwisou fir ze soe bis 65 Joer - esou hoffen ech jo awer, dass mer eis Sozialmodeller, wat d'Préretraite an d'Prépensioun ugeet, behalen -, esou dass am Fong déi Diskussioun iwwer 20 Joer schonn emol guer net steet, esou dass mat deene Mesuren do vis-à-vis och vun zwee volle Chômagë souguer de Stat nach Bénéficiaire ass, wann hie géif zwee Joer Chômage ginn an dann och nach spéider duerno, dat dierf een net vergiessen, muss den RMG bezuelen. Also ech géif mengen, dass dat hei awer eng Mesure ass, déi realistesch ass menger Usiicht no.

Mä wou ech awer elo geschwat hunn iwwert d'Préretraite an d'Prépensioun, sou kommen ech awer net derlaanscht, iwwert dee skandaléise Rapport vun der OECD ze schwätzen, deen elo erëm kierzlech hei opgetaucht ass an dee praktesch all Sozialmodeller hei wéi op Bestellung a Fro stellt. Well mer elo grad jo an enger Period sinn, wou niewent deene gudde Mesuren, déi mer engersäits maachen, fir d'Chômeuren erëm op den Aarbechtsmaart ze kréien, mer op där anerer Säit amgaang sinn, ëmmer méi Austeritéitsmoossnamen dann och ëmzesetzen, esou stellen ech mer awer Froen.

Ech wëll och d'Regierung froen, wéi si dann zu deem Rapport do steet, an et wär net schlecht, wa mer géifen am Hierscht awer eng Kéier méi konkret hei iwwert dee Rapport vun der OECD schwätzen an emol eng Kéier kucken, wou d'Ursaache leien, an och kucken, wéi mer dat kënnen ofblocken, well et ass jo awer erstaunlech, dass hei ëmmer permanent haaptsächlech Lëtzebuerg viséiert gëtt mat senge gudde Sozialmodeller. Do musse mer awer eng Kéier Remedur schafen an eis dann awer wierklech dergéint zur Wier setzen.

Bon, Här President, dat gesot, dat hei ass e Gesetz, wat nei Weeër geet, wat och nei Méiglechkeete sicht aus dem Privatsecteur eraus, fir matzehëllefe fir Leit zum beschtméiglechen Zäitpunkt an esou gutt wéi méiglech erëm op den Aarbechtsmaart ze kréien. Dofir ass et e Gesetz, ech mengen, bei deem een nëmme ka seng Zoustëmmung ginn. Et ass einfach e gutt Gesetz.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet dann den zoustännegen Aarbechtsminister, den Här François Biltgen. Här Biltgen!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Jo, Merci, Här President. Merci alle Riedner fir déi large Zoustëmmung, déi dëse Gesetzesprojet hei fënnt. Besonnesch Merci och dem Rapporteur Ali Kaes, deen hei villes vum Werdegang duergeluecht huet, sou dass ech net méi muss op alles zréckkommen.

Ech wëll awer nach eppes derbäisetzen, wat d'Ursaach ubelaangt vum Splitting. Alles, wat hei gesot ginn ass - ech mengen, den Ali Kaes huet et wierklech am Detail gesot -, ass richteg. Mä et kënnt eppes derbäi, wat e grousse Problem ass zu Lëtzebuerg: Dat sinn déi Délaien, déi mer brauche fir ze légiféréieren. Et muss ee wëssen - an ech kommen nach am Laf vun der Diskussioun e puermol drop zréck -, dass den Aarbechtsmaart op d'mannst all Joer, wann net méi séier, säi Gesiicht ännert an nei Problemer generéiert.

Wa mer wëllen de Chômage bekämpfen zu Lëtzebuerg, musse mer zwou Saache maachen - ech kommen och do nach eng Kéier drop zréck - : Dat Laangfristegt, d'Strukturreformen; mä awer mir mussen och kuerzfristeg kënnen äntwerten op Problemer. Domadder léise mer déi laangfristeg Problemer net. Mir mussen awer kuerzfristeg kënnen äntwerten. Wa mer ee Joer brauchen, eng Äntwert ëmzesetzen, dann ass et schonn ze spéit.

Dat heescht, dat heiten, wat hei ganz vir louch am Pak, domadder war ech eens mat de Sozialpartner am Comité permanent de l'Emploi virun iwwer engem Joer. Mëttlerweil sinn erëm nei Erkenntnisser komm; an engem Joer sinn erëm neier. Wa mer also wëllen de Chômage bekämpfen, musse mer engersäits eis laangfristeg Modeller nokucken - do ass awer net eleng den Aarbechtsminister gefuerdert, do kommen ech nach eng Kéier drop zréck -, musse mer eis doriwwer eens ginn, mä mir mussen awer kuerzfristeg kënnen ëmmer erëm op nei Modeller agéieren. An ech wäert lech elo e puer Beispiller ginn, wou dat effektiv de Fall ass, wou mer musse kuerzfristeg kënne reagéieren.

An dat ass e bësselchen de Punkt, wou ech frou wär, wa mer kéinte méi séier an dësem Land légiféréieren. Dat ass kee Reproche, deen ech hei der Chamber maachen, well ier dass d'Chamber jo zu eppes kënnt, musse jo sämtlech Avisën era sinn. Déi Avisë sinn och wichteg, fir e gewëssenen Dialog ze féieren.

Une voix.- Neen, dat ass net wouer.

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Neen, si musse gefrot sinn.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Si musse gefrot sinn. Jo, jo. Ech war selwer eng Kéier Rapporteur vun der Statsrotsreform, wou mer drageschriwwen hunn, mir kéinten och iwwert de Statsrot ewechgoen an éischter Lecture, wa mer wéilten.

Une voix.- Gesitt Der! Do war et jo esou.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.-* Dat ass souguer deelweis a mengem Kapp gewuess.

(Interruptions)

Also nach eng Kéier: Mir musse kënne méi séier agéieren, wéi mer dat elo maachen. An dofir soen ech och, do komme mer net derlaanscht.

Am Géigesaz zu deem, wat d'Madame Loschetter hei mengt, huet d'Regierung, a virun allem den Aarbechtsminister, e ganz kloert Konzept. Ech wäert et nach eng Kéier soen, et ass souwisou bekannt, ech hunn et wéi oft geschriwwen, an allen Déngen, mä et kritt een et awer ëmmer nëmmen deelweis ëmgesat. Wa mir elo mengen, mir missten alles an engem grousse Pak ëmsetzen, mä da setze mer dee Pak dann ëm, wann e scho laang erëm eng Kéier iwwerholl ass. Et muss een also engersäits wëssen, wat d'Problemer sinn a wat d'Léisungen, an dann déi Léisungen au fur et à mesure do ëmsetzen, wou ee se kann ëmsetzen.

Den Här Ali Kaes huet virdrun drop higewisen, ech kommen nach eng Kéier drop zréck, dass en dernière minute d'Regierung en Amendement eraginn huet. Mä dat war en Amendement, wou mer eppes elo am Virfeld ëmsetzen, wat mer an der Tripartite ofgemaach hunn, mä deen zum Beispill fir den Dossier Monopol extrem wichteg war. Ech hunn am Dossier Monopol Zousoe gemaach, wou ech géint d'Gesetz eigentlech war a wou ech gesot kritt hunn: Herno kriss de Problemer mam Contrôle financier an du muss d'Gesetz kënnen esou séier wéi méiglech noschéissen.

Hei ass dat optimal gelongen, dass Regierung, Statsrot a Chamber dat doten optimal gemaach hunn, sou dass si mer hei eng Hëllefstellung kënnen elo ginn, déi eis wäert hëllefen eng Partie Betriber ze iwwerzeegen, Leit vum Monopol anzestellen. Mä nach eng Kéier: Heiansdo muss ee ganz séier kënne schéissen.

Wat ass de Problem vum Chômage zu Lëtzebuerg - de grousse Problem? Et gëtt honnertdausend kleng Kategorien. De grousse Problem ass de Konkurrenzkampf um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart. Mir hunn en Aarbechtsmaart, dee wiisst, deen attraktiv ass, an dee mer och gär attraktiv behalen, notamment wat d'Aarbechtskonditiounen ubelaangt a wat d'Rémunératioun ubelaangt.

Da muss ee wëssen, dass et an de Regioune ronderëm eis méi Chômeure gëtt wéi et an eisem Land Awunner gëtt. A wann een da weess, dass mer an 20 Joer eis Aarbechtsplaze verduebelt hunn, ouni dass awer d'Zuel vun de Lëtzebuerger verduebelt gouf - déi ass vläicht ëm 6.000 gestiegen -, da muss ee wëssen, dass mer och nëmme konnten an dësem Land de Wirtschaftswuesstëm weiderdreiwen doduerch, dass mer Leit aus dem Ausland heihinner bruecht hunn. Dat ass déi positiv Säit, dat ass déi gutt Säit vun der Medail.

Déi schlecht Säit vun der Medail ass, dass et ronderëm eis am Ausland vill Leit gëtt, déi méi jonk, méi diploméiert, méi dynamesch, méi flexibel si wéi déi Leit zu Lëtzebuerg, déi défavoriséiert sinn. Där gëtt et der iwwregens och am Ausland.

Ech kommen elo just erëm vun zwee Ministeschréit aus Finnland. Finnland gëtt jo als grousst Beispill notamment fir d'Schoulpolitik duergestallt. Dat ass och guer net falsch. Guer net falsch! Ech wëll just soen, ech wéilt eppes mat Finnland net tauschen: Dat ass hir Aarbechtslosegkeet an och hir Jugendaarbechtslosegkeet, déi méi héich ass wéi eis! Well et och trotz deem gudde Schoulsystem a Finnland, dat wëll ech wierklech soen, awer eng ganz Partie Leit gëtt, déi duerch de Raster falen! An déi bleiwen iwwerall, an alle Länner, dobaussen a kréien den zweete Präis. An zu Lëtzebuerg ass et duerch dee Konkurrenzkampf nach vill méi schlëmm.

Well nämlech och fir net qualifizéiert Aarbechtsplazen d'Gefor ganz grouss ass, dass ee kënnt, dee méi qualifizéiert ass wéi een, deen hei wunnt, deen déi néideg Qualifikatioune matbréngt fir déi net qualifizéiert Aarbechtsplaz, wann ech dat emol esou kann nennen, an deen natierlech dee schléit. Dat ass de ganze Punkt.

A wie sinn déi Leit, déi den zweete Präis kréien? Dat sinn déi Schwaach, a schwaach si fir d'alleréischt déi, déi net qualifizéiert sinn. A wann ech soen net qualifizéiert, ass dat vläicht e schlechte Punkt. Ech wëll emol virun allem soen: déi net diploméiert sinn.

Well duerfir hu mer jo och déi Statistike bekannt gemaach iwwert de Chômage des jeunes, fir festzestellen, dass 40% iwwerhaapt näischt hunn, déi hunn en néngt Schouljoer maximal, a 35%, déi hu wuel dat, wat mer en Niveau intermédiaire nennen, mä dat wëllt och näischt soen, well déi mannst vun deenen en Ofschloss hunn. Déi mannst vun deene 35% bei deene Jonken hunn en Diplom. Wann een op enger Dixième oder enger Douzième ophält, oder op enger Deuxième oder esouguer enger Première ophält ouni de Premièresexamen ze maachen, ma dann huet een näischt am Grapp. Esou einfach ass dat! An dann ass een net diploméiert an net qualifizéiert. An där hu mer der vill ze vill an dësem Land.

Zweete Punkt sinn déi Eeler. Vu 40 Joer un ass et elo e Makel op den Aarbechtsmaart zréckzekommen. Och wann een Diplomer huet an och wann een Experienz huet, ass et e Problem.

En drëtte grousse Problem sinn all déi, déi manner produktiv sinn. Ech schwätzen net gär vun handicapéiert, mä vun deenen, déi manner produktiv sinn. Dat sinn déi, déi mer klassesch handicapéiert nennen. Dat sinn déi Leit, déi deelinvalid sinn. Et sinn awer och ganz vill Leit, déi sozial Problemer hunn. Där gëtt et der och ganz vill. Déi kréien en zweete Präis.

Wa mer also do eppes ännere wëllen, gëtt et zwou Saachen:

Längerfristeg Strukturreformen op deenen dräi Punkten: Qualifikatioun, Alterskompetenzen, an och eppes maache fir déi, déi manner produktiv sinn.

A kuerzfristeg gëtt et nëmmen eppes: esou séier wéi méiglech kënne reagéieren op de Problem,

deen sech an all eenzelnem Fall ergëtt.

Leit méi no bei d'Plazen ze brëngen an d'Plaze méi no bei d'Leit ze brëngen. Dat ass eis ganz Philosophie. A wann Der kuckt, wat mer maachen, ass et genee dat, wat mer maachen. Mir hunn oppe Plazen, déi net besat ginn, a mir hu Leit, déi net op déi Plaze kommen.

Elo soen ech lech, dass mat all deene beschte Reformen, déi mer hei kuerzfristeg maachen, mer dat net geléist kréien. Well eben op deene Plazen, déi opginn, ëmmer méi Qualifikatioune gefrot ginn, déi déi Leit, déi eng Plaz sichen, ëmmer manner hunn. Also geet dat schonn emol net alles op. Dofir bleift nach ëmmer e Reschtproblem do, dee mer musse laangfristeg léisen. An dat dauert awer - soen ech lech - op d'mannst zéng Joer, wann net méi. Mä bis dohinner musse mer kucken d'Leit optimal bei d'Plazen an d'Plaze bei d'Leit ze brëngen.

Dofir ass eng wichteg Dispositioun an deem Gesetz, wat Der haut stëmmt, nämlech déi vun de Consultanten.

1998 war d'Diskussioun: Privatiséiere mer d'ADEM oder privatiséiere mer se net? Et ass gesot ginn: Mir privatiséiere se net, well nämlech dann d'Gefor besteet, dass et kënnt esou wäit kommen, dass just déi Staark erëm eng Kéier gehollef kréien an net déi Schwaach. Déi meeschte vun de Clientë vun der ADEM sinn awer éischter Schwaacher.

Mä mir kucken en neit Element eranzekréie vu privatrechtlechem Iwwerleeën. Dat sinn d'Consultanten. Dat sinn also Leit, déi meeschtens als Personalchef am Privatsecteur geschafft hunn, déi dann als Consultant bei der ADEM agestallt ginn.

Do hu mer e Problem kritt mam Contrôle financier, dee gesot huet: Lauschtert, dat dote si Leit aus dem Privatsecteur. Dat si keng Statsbeamten an Dir beschäftegt se eng Partie Joren. Dat geet net mat de Regele vum Stat. Entweder stellt Der se an oder Dir maacht dann e Contrat d'entreprise mat hinnen. Dat heescht, si musse sech privatiséieren.

Wa mer se astellen, hu mer net méi dat Element vun der Zesummenaarbecht mam Privatsecteur, wat mer gesicht hunn. Dat wollte mer also net maachen.

Wa mer soen: Privatiséiert lech, da muss jiddfereen herno bal e Schäinindépendant ginn, fir kënne mat der ADEM zesummenzeschaffen. Dofir hu mer déi heite Base légale gebraucht. An déi hëlleft eis déi Zuel vun de Consultanten auszebauen.

Consultantë sinn déi, déi bei d'Betriber ginn. Et ass jo oft genuch haut gesot ginn: D'Betriber wëssen net genuch, wat fir eng Mesuren do sinn. D'Consultanten démarchéieren d'Betriber, fir oppe Plazen ze fannen, a brëngen déi zréck bei d'Placeuren.

Zum Beispill si mer amgaangen e Consultant anzestellen, dee spezifesch do ass, fir Plazen ze fanne fir déi Leit, déi manner produktiv sinn, nämlech déi Handicapéiert an déi Leit, déi am Reclassement externe sinn, also déi, déi deelinvalid sinn. Déi kritt een net einfach op den Aarbechtsmaart, wann een net eng staatlech Politik mécht. Do muss de Consultant dohinner goen a soen: Lauschtert - wéi mer et iwwregens elo mat Gemenge gemaach hunn, déi ech nach eng Kéier wollt luewen, déi elo mat eis eppes ënnerschriwwen hunn -, Dir hutt eng Responsabilité sociale, gitt eis déi Posten eran, vun deenen Der mengt, Dir kënnt Handicapéierter dropstellen, a mir sichen an eisem Reservoir Leit, déi och op dee Poste passen. Dat soll dee Consultant och do fir de Privatsecteur maachen. Dat ass also ee wichtege Punkt.

An Zukunft, an dat ass an deem neie Gesetz op Grond vun der Tripartite, wäerte mer eis souwéisou eng Base légale ginn, fir datt mer och nach vill méi mat den Interimsgesellschafte kënnen zesummeschaffen, esouguer mat den Human-Resources-Gesellschaften - oder wéi och ëmmer dat haut heescht -, well mer och do mengen, dass mer notamment eben net dat soen, wat ëmmer verlaangt ginn ass, nämlech déi Staark musse kënne vun der Privatwirtschaft suivéiert ginn, mä fir déi Schwaach hei ze soen: Hei, wann Dir als Interimsboîte oder als Human-Resources-Boîte et fäerdeg brëngt Leit, déi méi schwaach sinn, ënnerdaach ze kréien, da kritt Der eng Prime dofir. An dass mer iwwert dee Wee versiche Leit besser op den Aarbechtsmaart ze kréien. Dat ass also net dat, wat verlaangt gouf, mä et ass dat, wat mer fir richteg fannen.

Da soen ech nach eng Kéier: Wa mer wëllen d'Leit ënnerdaach kréien, da musse mer de Betriber „Incentivë" ginn. Dat heescht, de Stat kann net einfach do liberaliséieren. De Stat muss mat Kombi-Loun fonctionnéieren. An et ass dat, wat mer maache bei den Handicapéierten; et ass dat, wat mer maache bei deenen, déi am Reclassement sinn; an et ass dat, wat mer och mam Chômage des jeunes maachen, andeem mer zu de Betriber soen: Lauschtert, et ass Äert gutt Recht, et ass jo bal Är Flicht, déi beschte Kandidaten ze huelen, well e Betrib muss ëmmer konkurrenzfäeg sinn. Et ass Äert gutt Recht, fir ze soen: Wa mir der aus der Grenzregioun kréien, déi „besser" sinn - tëschent Gänsefüsschen - dann huele mer déi. Mä mir soen: Da gitt wéinstens am Virfeld deenen, déi mir hei hunn, eng Chance.

A fir deenen eng Chance ze ginn, verséisse mer lech dat doduerch, dass mer lech eben op de Lounkäschten entgéintkommen. Da gitt deenen eng Chance. A wa se gutt sinn, kënnt Der se huelen. Dofir war déi CEPS-Etüd jo och wichteg, well se bewisen huet, dass dat net bei alle Moossnamen, mä bei ville Moossname gräift.

Bei där CEPS-Etüd ass gesot ginn…

M. le Président.- Här Minister, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, mä da gutt.

Une voix.- Här President, loosst en nach schwätzen. En ass esou gutt drop.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Also, wann de Chômage lech net méi wäert ass wéi dat, dann halen ech op!

(Hilarité)

M. le Président.- Jo, Här Minister, ech kann net all Kéiers hei d'Reglement fir deen een a fir deen aneren anescht interpretéieren. Mir hunn eben Dispositiounen hei. Ech géif lech bieden, Är Schlussremarquë vun Ärer Plaz vun uewen hier ze maachen. D'Chamber ass gär bereet, lech nach nozelauschteren, mä…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Mä da soll d'Chamber mer soen, wéi vill Minutte se mer nach gëtt?

Une voix.- Ma 20. Huelt lech eng Stonn!

M. le Président.- Här Minister, maacht Är Ausféierunge fäerdeg. Mä, ech wär frou…

Une voix.- Mä, wann de Minister nach eng Stonn brauch. Oder zwou.

Une autre voix.- Ech si fir zwou, Här President.

Une troisième voix.- Also, ech hunn ëmmer geduecht, mir wären erwuesse Leit.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, ech si ganz d'accord, dass Der streng sidd. Ech stelle just fest, wann ech do uewe sëtzen, dass, wann d'Deputéierte bis an dem orangen a roude Beräich sinn, et weidergeet.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- Neen, neen, neen!

Une voix.- Deen Eenzegen, dee wahrscheinlech am roude Beräich war, war den Här Boden.

(Interruptions et hilarité)

M. le Président.- Här Minister, maacht elo Är Ausféierung fäerdeg, dass mer hei déi Sitzung an aller Uerdnung iwwert d'Bühn kréien.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wëll just soen, Här President, dass ech ganz mal à l'aise sinn, wann ech hei Deputéierten héiere soen, d'Regierung hätt kee Konzept. An da wëll ech dat Konzept hei och am Detail développéieren, an da kréien ech d'Zäit net et ze développéieren. An da gëtt gesot: En huet kee Konzept.

Ech soen dann nach e puer…

Sot mer just, wéi vill Minutten ech dann hunn, fir dass ech dem President säi Reglement hei respektéieren. Ech respektéieren de President selbstverständlech.

M. le Président.- Huelt lech nach fënnef Minutten, an da maache mer Schluss.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Gutt. O.K. Also fënnef Minutten. Do halen ech mech drun.

Nach eng Kéier, déi CEPS-Etüd huet eis verschidde Saache bewisen, déi mer eigentlech scho woussten. An dofir wëll ech och soen, wann d'Leit gesot hunn, mir hätte missen ofwaarde mat den neie Moossnamen, déi mer gemaach hunn virun engem Joer, bis d'CEPS-Etüd do gewiescht wär, dann ass dat net de Punkt, well d'CEPS-Etüd huet eis doranner bestätegt. Mëttlerweil hu mer natierlech eng Partie nei Diskussiounen, déi och an deem Sënn sinn.

Wat bestätegt d'CEPS-Etüd eis dann? Déi Moossnamen, déi am effikasste sinn, dat sinn déi, wou eng Expectative d'emploi hannendru stécht. Dat ass de Stage d'insertion, de Stage de réinsertion an à un degré moindre de CAT bei de Privatbetriber.

De CAT bei de Privatbetriber à un degré moindre, well do - wéi ech mengen, och de John Castegnaro

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

et schonn eng Kéier gesot huet - d'Betriber heiansdo se just huelen, fir een ze ersetzen an net fir een anzestellen. Fir de Stage d'insertion et de réinsertion kommen d'Betriber konkret bei eis, fir d'Leit ze kréien.

Dann ass de Punkt, mat deem mer méi Problemer hunn - an dat huet de Marcel Glesener och ganz gutt duergestallt -, dee vun de CAT beim Stat a bei de Gemengen.

Wat ass do de Punkt? De Punkt ass éischtens deen, dass Stat a Gemengen aus wat fir engen Ursaachen och ëmmer de Jonke keng definitiv Plazen ubidden. Dat heescht, wa se do schaffen, hu se keng Expectative op eng Plaz ze kommen oder ganz seelen eng Expectative. Et gëtt der och mat Expectative.

De Punkt ass, dass déi - d'Gemengen an de Stat - da kommen an d'ADEM froen: Eis feele Leit, fir ze schaffen. Gitt eis se. Dat heescht, de Stat an d'Gemengen hunn am Kapp: Do kréie mer gutt Leit, déi Qualifikatiounen hunn an déi och nach bëlleg si fir eis. Dann ersetzen déi e Mangel un anerem Personal. Dat ass den zweete grousse Problem.

En drëtte grousse Problem ass: An de Käpp vun de Leit a vun hiren Elteren entsteet d'Hoffnung, se kéinten awer beim Stat a bei de Gemenge bleiwen. An dat gëtt och oft geschürt vun deenen Déngschtstellen, bei deene se schaffen.

An da kënnt de véierte Problem: Wa se dann awer erëm zréck an de Chômage falen a si gi sech da bei e Privatpatron virstellen - dat huet d'CEPS-Etüd gutt erausbruecht -, da seet de Privatpatron: Ma du wëlls jo nëmme bei de Stat a bei d'Gemengen schaffe goen, du bass jo iwwerhaapt net interesséiert bei mech ze kommen.

Dat heescht, mir mussen éischtens déi dote Moossnam zréckschrauwen; mir mussen der manner ubidde wéi bis ewell, an déi, déi mer ubidden, mussen dem urspréngliechen Zil erëm eng Kéier gerecht ginn, nämlech ze soen: Et kritt een eng Experienz. An et muss een an där Zäit - den Niki Bettendorf hat dat richteg gesot - och kënne kucken, fir op eng aner Aarbechtsplaz ze goen. An dofir bleift dat, wat mer mam Chômage des jeunes scho mat lech diskutéiert hunn, och an deem neie Projet, dee mer elo mat de Sozialpartner amgaangen ze diskutéiere sinn. Aktivatioun ass dat Wichtegst. Eng Formatioun oder e Placement sinn näischt wäert, wann net hannendrun d'Chance besteet, fir un eng Aarbechtsplaz ze kommen. Soss si se méi kontraproduktiv a se riskéieren d'Carrière vum Jonke méi futtizemaachen, wéi se hëllefen, dat huet den CEPS eis bestätegt.

Déi zweet wichteg Saach ass de Maintien dans l'emploi - wat och net einfach ass -, also d'Iddi, d'Philosophie, déi mer hunn, fir ze soen: Ier dass ech Betribsschwieregkeeten kréien, ier dass mer iwwerhaapt de Plan social diskutéieren, solle ee sech Gedanke maachen, wéi een d'Leit kann an engem gudden Zäitraum ënnerdaach kréien.

Bei där Maintien-dans-l'emploi-Diskussioun, déi mer elo haten - Villeroy, TDK, Monopol,- war ëmmer de Problem, datt mer keng Zäit haten. Well wann ee 15 Joer an engem Betrib geschafft huet, an et kritt ee vun haut op muer och eng aner Plaz ugebueden an engem anere Betrib, dann ass dat nawell net evident, dass een et selwer packt an en neie Betrib integréiert ze ginn, an et ass och net evident fir deen neie Betrib, deen ze integréieren, dee 15 Joer an engem anere Betrib war, well en einfach an engem anere Klima gewunnt huet.

Ech gi gären e Beispill, iwwert dat Dir laacht, mä da gesitt Der, wéi grave et ass, wann et sech ëm Mënschen handelt, well ech schwätzen elo vu Fësch, well ech Aquarianer sinn: Wann ech e Fësch a mäin Aquarium setzen, deen ech kafe war, ma da muss ech deen emol zwou Stonnen acclimatiséieren, bis dass ech en an dat neit Waasser bei déi aner maachen, well soss riskéiert en an eng Stresssituatioun ze kommen.

Mir mengen heiansdo, mir kéinten de Mënschen einfach vun haut op muer soen: Du bass vun enger Plaz fort a bass elo op enger anerer. Mir mussen an där ganzer Politik vum Maintien dans l'emploi d'Leit virbereeden, fir déi Transitiounen ze packen. Et ass net einfach, notamment fir déi, déi ganz laang an engem Betrib geschaft hunn an déi e gewëssent Alter hunn, fir vun haut op muer an en anere Betrib ze goen. Do ass also nach ganz villes ze maachen.

Här President, ech kommen zum Schluss, andeem ech soen, dass mer laangfristeg musse kucken, Schoulreformen ze maachen, fir manner Netqualifizéierter ze hunn. Also, wa just Leit sech géife bei der ADEM virstellen, déi en Diplom an der Täsch hätten - woubäi ech mat verschiddenen Diplomer e Problem hunn -, ma da kann ech lech garantéieren, dass et besser gëtt.

Dobäi wëll ech awer dovir warnen, ze mengen, eleng Schoulreforme kéinten de Problem léisen. Aus deem ganz einfache Grond, well mer eleng bei deene Jonke scho gesinn hunn, dass en Drëttel vun deene Jonken, déi am Chômage sinn, hir Schoul net zu Lëtzebuerg gemaach hunn. All Dag kommen zum Beispill nei jonk portugisesch Matbierger, déi also manner wéi 25 Joer hunn an déi nëmmen en 9. Schouljoer a Portugal gemaach hunn, hei op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart.

Dat ass e Problem, an dorunner kann d'Lëtzebuerger Schoul näischt méi änneren. Dat heescht, wann en Immigrantekand vun Ufank un, also vun der Spillschoul un, eise System duerchleeft, da kënne mer eppes maachen. Wann et awer eréischt méi spéit kënnt oder no der obligatorescher Schoulzäit, da kënne mer näischt méi maachen. Dat ass also e Problem, deen do ass.

Zweetens musse mer och kucken, dass mer einfach déi Transitiounen op dem Aarbechtsmaart einfach besser virbereeden.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wär ech frou, wa mer haut géifen dëse Projet stëmmen. Am Hierscht diskutéiere mer iwwert dat neit Chômage-socials-Gesetz, wou déi Amendementer, déi mer virgestallt hunn, an deem Sënn ëmgeännert goufen, dass mer eppes maache fir déi Leit, déi ni eng Chance hunn um éischten Aarbechtsmaart.

Dat heescht, mir gesinn d'Beschäftegungsinitiativen duerch, Här Glesener! Do si mer dann do, fir eis ëm déi Leit ze bekëmmeren. Iwwregens bekëmmeren der sech haut schonn haaptsächlech ëm déi dote Leit, an deene wëlle mer méi laang Zäit do loossen, fir dass och déi Leit, déi keng Chance hunn um éischten Aarbechtsmaart, awer kënnen eng sënnvoll Aarbecht maachen.

Dann deponéiere mer dat Gesetz entweder an engem Kombi-Gesetz oder net. Wat och ëmmer, mä et ass praktesch fäerdeg no de Gespréicher, déi mer mat de Sozialpartner haten iwwert d'Ëmsetzung vun den Tripartitesbeschlëss.

Ech kann déi elo net méi haut hei nach eng Kéier erläuteren, well ech keng Zäit méi hunn, mä Dir kënnt dat noliesen; dat ass e Volet Maintien dans l'emploi an e Volet Chômage. An dann ass et natierlech och esou, dass mer och den Audit ADEM am Hierscht kréien, sou dass mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da mat längeren Debatten a méi laange Riedezäiten, déi mer selbstverständlech anhalen, dann och méi driwwer schwätzen.

(Interruptions)

M. le Président.- Ech wäert lech beim Wuert huelen, Här Minister, an lech erënneren un dat, wat Der haut hei ofginn huet.

Sout, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Enn vun den Debatten. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um 9 Auer. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.46 heures)

Sommaire des séances publiques

Communications page 539

Ordre du jour page 539

Dépôt d'une motion par Monsieur Claude Meisch page 539

Ordre du jour (suite) pages 539-540

5529 - Projet de loi modifiant

a) la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

b) la loi du 28 mars 1997

1° approuvant le protocole additionnel du 28 janvier 1997 portant modification de la Convention belgo-franco-luxembourgeoise relative à l'exploitation des chemins de fer du Grand-Duché, signée à Luxembourg, le 17 avril 1946;

2° approuvant les statuts modifiés de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL);

3° concernant les interventions financières et la surveillance de l'État à l'égard des CFL et

4° portant modification de la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

c) la loi du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation

d) la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics pages 540-544

Interpellation de Monsieur Marco Schank sur le tourisme (suite) page 544

5206 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit pages 544-548

5307 - Projet de loi relative à la sécurité générale des produits pages 548-553

5216 - Projet de loi sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil pages 553-562

5534 - Projet de loi portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 8 octobre 1945 portant réorganisation du statut de la Chambre des Artisans pages 562-564

Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution page 564

5576 - Projet de loi permettant aux Luxembourgeois nés à l'étranger de conserver la qualité de Luxembourgeois et abrogeant les articles 25,8° et 46 de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise pages 564-565

Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution page 565

5352 - Projet de loi

1. concernant la société européenne (SE), la société anonyme à directoire et conseil de surveillance et la société anonyme unipersonnelle;

2. modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et certaines autres dispositions légales;

3. modifiant la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

4. modifiant la loi modifiée du 30 mars 1988 sur les organismes de placement collectif;

5. modifiant la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

6. modifiant la loi du 25 juillet 1990 concernant le statut des administrateurs représentant l'État ou une personne morale de droit public dans une société anonyme;

7. modifiant la loi du 4 décembre 1992 sur les informations à publier lors de l'acquisition et de la cession d'une participation importante dans une société cotée en bourse;

8. modifiant la loi du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep pages 566-569

5435 - Projet de loi

1. complétant le statut de la société européenne (SE) pour ce qui concerne l'implication des travailleurs et

2. modifiant la loi modifiée du 6 mai 1974 instituant des comités mixtes dans les entreprises du secteur privé et organisant la représentation des salariés dans les sociétés anonymes pages 569-571

5501 - Projet de loi modifiant

1. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

2. la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;

3. la loi modifiée du 23 juillet 1993 portant diverses mesures en faveur de l'emploi pages 571-576

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg